PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Débat de consultation: Thèmes centraux liés à notre alimentation

20 mars 2025

Lëtzebuerg, den 18/03/2025

3

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Liewensmëttel ze produzéieren verbraucht Ressourcen an all Akteur an der Produktiounsketten ass dofir verantwortlech, dass d'Liewensmëttel zum Schluss fir d'Ernährung verwennt ginn an net einfach ewechgeheit ginn;
- Déi effizient Notzung vu Liewensmëttel ass eng Fro vu Solidaritéit an eiser Gesellschaft, well och zu Lëtzebuerg Mënschen aus finanzielle Grënn verschidde Liewensmëttel net kafe kënnen a gläichzäiteg lessuweren am Offall landen;
- Grad a grousse Restauratiouns- a Verkafsflächen ginn nach ëmmer vill Liewensmëttel wechgeworf oder aneren Zwecker, wéi der Energieproduktioun, zougefouert, obwuehl d'lesswueren oft nach gudd a sécher fir de Konsum wieren;
- d'Zil vun enger solidarescher, nohaltëger, verantwortungsvoller an effizienter Gesellschaft muss et sinn, dass manner lesswueren ewechgeheit ginn an d'Liewensmëttelverschwendung ophällt, dëst ënnert de Bedingungen vun der Liewensmëttelsécherheet;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. eng Etüde opzestellen an der Chamber bis 2026 ze präsentéieren, wéi vill Liewensmëttelspenden vu Firmen un ONGen gemaach ginn a wéi vill Potenzial hei nach besteht a wéi d'Regierung d'Unzuel u Liewensmëttelspenden erhéije wëll.
2. nom Modell vu Frankräich eng Strofsteier op wechgeheite Liewensmëttel anzeféieren (Loi Garot).

Marc Goergen